Materiallëscht :

Et wär léif wann der fir den éischten Schouldaag kéint w.e.g. folgend Saachen matbréngen :

- *Fir all Daag*

E klengen Rucksack (**ouni Rullen**) :

- Eng Zerwéit fir op den Dësch ze leeën;
- Eng Schmier (fir mueres) an e Stéck Uebst oder een Yoghurt (fir mëttes);
- Eng Drénkfläsch, déi mir an der Schoul mat Waasser fëllen;
- E Paak Nuesschnappecher ;

Mir leen vill Wert op eng gesond Ernährung. Verzicht dowéinst w.e.g. op gezéckert Gedrénks (Capri Sonne, Actimel), Milchschnitte oder ähnlich Saachen (Kichelcher ; Schokola). Fir manner Offall ze produzéieren, benotzen mer eng Drénkfläsch, déi der all Freideg mat heem kritt fir ze spullen.

- *« Schoulmaterial » (w.e.g.* ***op alles de Numm schreiwen****)* :

- E wäissen classeur (format A4) fir d'Kanner vum Précoce; e gielen fir d'Spillschoulskanner.
- 6 Trennblieder/intercalaires (déi dir direkt kënt an den classeur maan) ;
- 100 Pochettes perforées /durchsichteg chemisen
- Dräiecksfaarwen ;
- Tuschbicen (Staedtler 340) ;
- 3 déck Pritten ;
- Zwou Këschten Kleenex (Kosmetiktücher) ;
- Eng Akaafstuut ;
- **4 Passphotoen** ;
- E Molbuch oder en Zeechenblock mat wäissen Blieder;
- Een Molschiertech aus Plastik ;
- Wiesselkleeder (déi op der Plaaz bleiwen).

- **Fir d'Spillschoulskanner** :

- Eng kléng Schachtel mat engem Faber Castel Bläistëft Jumbo Grip Dräikant, engem Gummi Faber Castel Radiergummi Grip 2001 esou wéi en Spëtzer.

- Turngezei (dat an der Schoul bleiwt) :

- Turnschlappen .
- Eng Joggingsbox oder eng Leggings.
- Dëst Turngezei kréien d'Kanner virun all Vakanz mat heem.

- Schwammgezei (**alles mat Numm drop**) :

- Een Schwammkuerf mat Bretellen/ouni Ficellen;
- Eng Schwammbox(keen schort) oder e Maillot (nët doheem undoen) ;
- Eng Schwammkaap ;
- Seef an keen Schampoing;
- E Buedduch ;
- Eng Kemmbischt (an e Lastik fir an d'Hoer).

- *« Waldkindergarten » :*

Mir bieden Iech ärt Kand wann mir an de Bësch ginn(an och soss) dem Wieder entspriechend unzedoen.

- Bei kaalem Wieder : Zwiebellook (e puer Couchen iwwert enaner) ;
- Bei Reen : Bullisbox an Reenjackett.
- Am Summer/bei waarmen Wieder : eng Kaap an eng laang Box (wéinst den Zecken) ;
- Fest Schung an keng Sandalen.
- Gezei wat daerf knaschteg ginn.
- E Sëtzkëssen ;
- E Karabiner fir d'Sëtzkëssen um Rucksaak festzemaan.
- Am Summer sinn Sonnencrème an eng Kaap ganz wichteg !

Ärt Kand daerf Bicher oder soss Saachen mat an d'Schoul bréngen déi mam Thema ze dinn hunn iwwert dat mer grad schwätzen.

Bréngt **keng Spillsaachen mat an d'Schoul** fir dat se nët verluer ginn !!!

Op ären Wonsch hin, feieren mer dem Kand säin Gebuertsdaag. Sot eis am beschten e puer Deeg am viraus bescheed. Dir daerft gär en drechenen Kuch matbréngen.

Den 09ten Juli um 19 :00 Auer ass eis Informationsversammlung.

Mir wënschen iech eng flott Summervakanz
an freeën eis op den 16ten September.

Bauer Danièle & Rodenbour Francine